



## Wëll Déieren zu Lëtzebuerg

---

Als "wëll Déieren" oder "Wëlldéieren" bezeechent een all d'Déierenaarten déi net domestizéiert sinn, mee déi fräi an der Natur liewen. Dës Aarte sinn offensichtlech ganz sëlleg a vilfälteg. Fir se ze ënnerscheede gi se a folgend Klassen agedeelt:

- **Wirbellos Déieren** (ënner anerem Arthropoden a Mollusken)

*Beispiller zu Lëtzebuerg:*

Reewuerm, Heckeschleek, Kräizspann, Bëschzeck, Dausendfouss, Fleeschméck, Aurorapäiperlek, Himmelsdéierchen, Päerdskrécher, Bei, Harespel, Bëschseejomes, gréngen Häsprénger, Mustik

- **Fësch**

*Beispiller zu Lëtzebuerg:*

Kaarp, Ellchen, Kaarperouta, Hiecht, Piisch, Frell

- **Vullen**

*Beispiller zu Lëtzebuerg:*

Wëll Int, Piwitsch, Bussar, Steekauz, grénge Spiecht, grouss Bëschdauf, Guckuck, Hausschmewel, Routbrëschtchen, Märel, Blomees, Hausspatz, Kréi, Kueb

- **Mamendéieren**

*Beispiller zu Lëtzebuerg:*

Hirsch, Réi, wëllt Schwäin, Fuuss, Dachs, Bëschmaarder, Sténkert, grousst Wisel, Feldmaus, Hausmaus, Gaardeschléifer, Biber, Hues, wëll Kanéngchen, Kaweechelchen, Flëntermaus, Maulëf, Kéisécker

- **Amphibien**

*Beispiller zu Lëtzebuerg:*

Salamander, Waassereibes, Mouk, Waasserfräsch

- **Reptilien**

*Beispiller zu Lëtzebuerg:*

Bëschfeieromes, Blannschlécher, Réngelnatter, Kräizotter

Opgrond vu senger geografescher Lag a Gréisst gëtt et zu Lëtzebuerg keng endeemesch Déierenaarten, d.h. Aarten déi nëmme bei eis am Land virkommen. D'Aart a Weis wéi mir d'Theema vum Wëlldéiereschutz upake kann awer international Auswierkungen hunn, an zwar aus zwee Grënn:

- Verschidden Déierenaarten hu Verbreedungsgebidd, déi hire Mëttelpunkt zu Lëtzebuerg (oder an der Géigend vu Lëtzebuerg) hunn, wat eis eng besonnesch Responsabilitéit iwwerdréit.
- Déi zu Lëtzebuerg vum Ausstierwe bedroten Aarte sinn och an eisen Noperlänner bedrot. Hiert Erhale läit also zum Deel och an eisen Hänn.

**Exotesch invasiv Aarte** sinn Déieren (oder Planzen) déi gewollt oder aus Versinn an enger Ëmwelt agefouert ginn, déi ausserhalb vun hirem natierlechen Verbreedungsgebitt läit. An hirer neier Ëmwelt kënnen déi Aarten e beträchtlechen Afloss op d'Aartevilfalt hunn oder gesondheetlech a ekonomesch Probleemer verursaachen. Zu Lëtzebuerg ginn et verschidden invasiv Aarten, wéi z.B. de Mufflon oder de Wäschbier.

### **Belaaschtungen fir eis Wëlldéieren** \_\_\_\_\_

Trotz senger klenger Fläch verfügt Lëtzebuerg duerch seng bedeitend geologesch a mikroklimatesch Vilfalt iwwert eng considerabel Biodiversitéit an ofwiesslungsräich Landschaften. Mee dës Aartevilfalt ass säit Joerzénge amgaangen zeréck ze goen. No Angabe vum Observatoire de l'environnement naturel befanne sech 2/3 vun den natierleche Liewensräim zu Lëtzebuerg an engem „schlechten“ oder „ongenügenden“ ökologeschen Zoustand. Aus deem Grond ass d'Iwwerliewe vu villen Déierenaarten a Gefoer.

Dese Réckgang ass direkt verbonne mat folgenden Haaptursaachen:

- e staarken demografeschen an ekonomesche Wuesstum, wat d'Entwécklung vun den Agglomeratiounen a vu geschäftlech oder industriell Zonen erfuerdert, a soumat zu enger **Fragmentéierung vun de Landschaften** féiert ;
- d'Intensivéierung vun der Landwirtschaft, déi op der **Homogeniséierung vun de landwirtschaftleche Flächen** an dem massiven Asaz vu **Pestizide** berout ;
- d'**Verschwanne vun de Fiichtgebidd** (wichtig Ökosystemer, well se besonnesch räich u Biodiversitéit sinn) opgrond vun Drécheleungen ;
- de **Klimawandel** deen zu enger Stéierung vun de Liewenszykle vu Planzen- an Déierenaarte féiert.

### **Wat kënnen mir maachen fir d'Wëlldéieren zu Lëtzebuerg ze schützen?** \_\_\_\_\_

De Mensch huet duerch seng Aktivitéiten d'Landschaften an d'Liewensbedingunge fir all d'Déiere verännert. En allgemengt Bewosstsinn kann awer hëllefen, **d'Situatioun ze verbesseren** an Uerdung do zeréck ze gewannen, wou Feeler gemaach goufen. Generell gëllt: MAT der Natur schaffen an net GEINT se... well de Mënsch selwer ass en Deel vum Kreeslaf vum Liewen. Op nationalem Niveau si bestëmmte Moosname fir de Schutz vun der biologescher Vilfalt ze ergräifen:

- eng nohalteg Entwécklung (innerhalb vum aktuelle Wirtschaftssystem) fuerderen,
- op eng méi ëmweltfrëndlech Landwirtschaft zougouen, mat strukturräichen Agrarlandschaften (besonnesch d'Hecke spillen eng wichteg Roll),
- natierlech Raim favoriséieren,
- eng Naturschutzpolitik als ëffentlech Prioritéit wielen.

De lëtzebuergesche Staat huet schonn e puer Projeten initiéiert, deelweis mat enger europäescher Kofinanzéierung, an engagéiert Aktiounen um Terrain ënnerstëtzt.

Et ass nach ee laange Wee, mee all Einzelne kann – op sengem Niveau – kleng Aktiounen duerchféieren an nei Gewunnechten unhuelen, déi zum Schutz vun de Wëlldéieren an eise Landschaften, Bëscher a Stied bäidroen. Eis Handlungen a Gewunnechten – sief et am Gaart, an der Kichen, op de sozialen Netzwierker oder am Bësch wann ee mam Hond spadséiere geet – hunn en Afloss an droen zu där Zukunft bäi, déi mir den Déieren an eisem Land bidden. Op [klengschrett.lu](http://klengschrett.lu) gëtt et en Iwwerbléck vun de ville klenge Schrëtt, déi jidderee vun eis ka maachen, fir déi Zukunft besser ze gestalten.

#### *Quellen:*

*Infogreen.lu – Dossier “Nature humaine”*

[Lien](#)

*Rapport 2013-2018 de l’Observatoire de l’environnement naturel*

## **E KLENGE SCHRËTT FIR MECH, e grouse Schrëtt fir d'Ëmwelt**

[www.klengschrett.lu](http://www.klengschrett.lu)



Emweltberodung  
Lëtzebuerg a.s.b.l.

